

## D'Europawalen

D'Konstruktioun vun Europa huet hiren Ufank direkt nom Zweete Weltkrich geholl. D'Zil war, et net méi zu Konflikter tëschent Nopeschlänner kommen ze loossen an e Kontinent, deen am Koup louch, erëm opzebauen.

Hautdesdaags ginn d'Europawalen allerdéngs dacks ugesinn ewéi Walen zu Froen, déi een net direkt betreffen an duerfir zweetrangeg erschéngen. Déi meescht Leit wëssen net vill iwwer d'Roll vun den europäeschen Institutiounen an déi effektiv Muecht vun den Europadeputéierten.

80 % vun den nationale Gesetzer ginn op europäeschem Niveau ausgeschafft. D'EU-Politik huet en direkten Impakt op eist alldeeglecht Liewen. Dat bescht Beispill dofir ass de fräie Persounen- a Wuerverkéier. Ma Europa huet och en Afloss op d'Education, d'Kultur, d'Ëmwelt, d'ëffentlech Gesondheet asw.

Wien zu Lëtzebuerg wunnt an aus engem EU-Land kënnt, kann entweder d'Deputéiert fir dëst EU-Land wíelen oder awer d'Deputéiert fir Lëtzebuerg. Dir hutt also de Choix, ma Dir dierft net an deenen zwee Länner wíelen!

Wann Dir déi Lëtzebuenger Deputéiert wíllt wíelen, da musst Dir Iech op d'Wíelerlëscht vun där Gemeng aschreíwen, wou Dir Äre Wunnsätz hutt. Den Dag vun de Wale musst Dir 18 Joer al sinn. Et gétt hei keng Residenzpflicht wéi bei de kommunale Walen.

Dir kënnt Iech elektronesch iwwer de Site [myguichet.lu](http://myguichet.lu) androen oder direkt bei Ärer Gemeng. Fir d'Europawalen 2019 musst Dir Iech bis den 28. Februar 2019 ageschriwwen hunn. Opgepasst! Et gétt zwou verschidde Wíelerlëschten, eng fir d'Europawalen an eng fir d'Gemengewalen.

Soubal Dir ageschriwwe sidd, sidd Dir verflícht, wíelen ze goen. Fir d'Wale géllt dat allgemengt an direkt Walrecht. D'Lëtzebuenger Land ass een eenzege Walbezierk.

Déi politesch Gruppéierunge setze Kandidatelëschten op. All Wíeler huet esou vill Stämme wéi Deputéiert ze wíele sinn, d. h. sechs fir Lëtzebuerg. Et kann een eng Lëscht wíelen oder awer eenzel Kandidaten.

Déi Kandidaten, déi déi meescht Stämme kruten, si gewíelt, egal, wat fir enger Partei si ugehíieren. Dat nennt sech Proporzsystem.

D'Europawalen 2019 ginn an alle Länner vun der Europäescher Unioun vum 23. bis de 26. Mee ofgehalen. Zu Lëtzebuerg sinn d'Walen de 26. Mee. D'Europaparlament setzt sech zesummen aus 705 Europadeputéierten aus de 27 Memberstaaten, déi fir fénnef Joer gewíelt sinn. D'Zuel vun de Sätz hánkt vun der Awunnerzuel vum jeeweilege Land of. All Land huet eng fest Zuel vu Sätz, vu 96 fir Däitschland bis allkéiers 6 fir Lëtzebuerg, Zypern a Malta.